**Guide-Scoutsgesetz:**

# Eng Guide / e Scout

| | |
|---|---|
| 1 | ass zouverlässeg |
| 2 | ass éierlech a fair |
| 3 | ass bereet ze hëllefen |
| 4 | ass gutt zu all Mënsch |
| 5 | mecht den 1.Schrëtt a setzt sech an fir Gerechtegkeet |
| 6 | respektéiert d'Liewen an all senge Formen |
| 7 | kann nolauschteren a Kritik erdroen |
| 8 | huet eng positiv Liewensastellung |
| 9 | ka sech organiséieren a mecht näischt hallef |
| 10 | hält sech kierperlech a geeschteg gesond |

| | |
|---|---|
| | Um Camp huet deng Patrull hiert Zelt stoen an ageraumt. Et gesäit aus, wéi wann et geschwënn ufänkt mat reenen. Eng aner Patrull huet Probleemer mat hierem Zelt. |
| | Bëschbotz vun der Gemeng geet Samsdeg mueres um 8.30h lass. Solle mer also CaraPio do matmaachen? |
| | Den 2.Daag um Hike. Ech si scho midd. Do bleiwt en Auto stoen, e Kolleg aus der Schoul. Hie freet, ob en eis soll e Steck mathuelen. |
| | Um Heemwee no der Versammlung hu mer gerollst an dobäi sinn ech mam Rucksaak laanscht en Auto geschrubbt deen laanscht d'Strooss geparkt war. Et huet keen eis gesinn. |
| | Ech hat d'Charge nom Buergbrennen d'Dëppe vum Glühwäin a Choky dono ze spullen, mee hat dat vergiess. Di nächst Versammlung seet de Chef(taine), dass hien dat net an der Reih fënnt. Wéi reagéieren ech? |
| | Viru Kréschtdag organiséiert d'Stëmm vun der Strooss all Joer en Iesse fier hier Clienten. Si brauchen do vill Leit fier ze hëllefen. Ass dat eppes fier eng Entreprise? |
| | Déi selwescht Zäit, wéi CaraPioVersammlung ass, hunn gut Kollegen aus der schoul decidéiert sech an der Stat ze treffen. Wat mechs du? |
| | Ech kréie mat, dass een aus der Klass / e vu menge Bekannten, um Internet gemobbt gëtt (mat negative Message op twitter, whatsapp, ...). |
| | Um Camp huet eis Chefekipp all Dag Frühsport geplangt. Wéi retro ass dat dann? Solle mer dat net boykottéieren ? |
| | Elo si mer schon 5 Deeg um Camp an nach ëmmer reent et riicht eran. D'Campplaz ass e Bullisfeld. Loosse mer eis d'Laun verdiewen oder wat maache mer? |

# Verspriechentext

Ech verspriechen,

Verantwortung vis-à-vis vu mir,

menge Matmënschen a menger Ëmwelt z'iwwerhuelen,

meng eege Spiritualitéit weider z'entwéckelen

an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.